

## Evangelium vum 20. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

### Lk 12,49-53

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat lech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

- 49 De Jesus sot zu senge Jünger:  
"Fir Feier op d'Äerd ze geheien,  
sinn ech komm,  
a wat wéilt ech, datt et ewell brenne géif!  
50 Ech muss awer eng Daf iwwer mech ergoe loossen,  
a wéi baang ass et mir,  
bis et gedoen ass!
- 51 Mengt dir,  
ech wär komm, fir Fridden op d'Äerd ze bréngen?  
Neen, soen ech iech,  
ech brénge kee Fridden, ma Sträit.
- 52 Well vun elo un hunn an engem Haus vu fënnef Leit  
der dräi Sträit mat zwee  
an der zwee Sträit mat dräi,
- 53 de Papp kritt Sträit mam Jong  
an de Jong mam Papp,  
d'Mamm mat der Duechter  
an d'Duechter mat der Mamm,  
d'Schwéiermamm mat der Schnauer  
an d'Schnauer mat der Schwéiermamm."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*